




Dépôt: GOERGEN Marc

Heure d'actualité relative aux violences gynécologiques et obstétricales.

Lëtzebuerg, den 07/07/2022



Motioun

D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:

- D'Hiewanskonscht ass zanter dem 29. Juli 2019 am nationalen Inventar vum immaterielle Kulturerwen zu Lëtzebuerg ageschriwwen;
- Eist Nopeschland Däitschland setzt säit iwwert 25 Joer op d'Gebuertshaus ënnert der Leedung vun Hiewannen als alternativ zum Spidol fir natierlech Gebueren an huet haut 150 Gebuertshaiser iwwert d'Land verdeelt;
- Och a Frankräich an an der Belsch hu rezent méi Gebuertshaiser opgemaach;
- Den 1.02.2022 gouf eng nei Nomenclature vun der CNS publizéiert, déi d'eegestänneg Aktivitéite vun den Hiewannen hei am Land erweidert huet;
- Zu Lëtzebuerg dierfen Hiewannen vir- an nogebuertlech Berodung ubidden an och Hausgebuerte betrieen a kënnen dës Servicer och iwwert d'CNS ofrechne loossen;
- Ënnert der aktueller Gesetzgebung ass et den Hiewannen net méiglech hier lafend Käschten, wéi z.B. déi vum Stroum oder vum Waasser, déi an engem Gebuertshaus géifen ufalen, iwwert d'CNS ofrechnen ze loossen. Esou ass dovun auszegoen, dass eng Eegepartizipatioun vun de Mamme gefrot géif ginn, wann ënnert der aktueller Gesetzgebung géif e Gebuertshaus opgoen;
- Lëtzebuerg setzt sech säit laangem dofir an eng Zweek-Klasse-Medezin ze vermeiden, wou gewësse Servicer Persounen virenthale bléiwen, déi se aus eegener Täsch bezuele kënnen;
- Aktuell gëtt et zu Lëtzebuerg kee gesetzleche Kader, dee Qualitätsstandarde fir Gebuertshaiser festhält.

Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:

1. an Zesummenaarbecht mat de Representante vun den Hiewannen an der CNS ze ermëttelen, wéi eng Gesetzeslücken et aktuell bei de Gebuertshaiser gëtt;

Marc Goergen



www.piraten.lu

2. op Basis vun dësen Evaluatiounen Pisten auszeschaffen, déi assureieren, dass mat enger zukünfteger Gesetzgebung d'Qualitéit vun de Servicer genee ewéi eng sécher Basis fir d'Prise en charge duerch d'CNS an de Gebuertshaiser garantéiert kënne ginn.

Marc Goergen



www.piraten.lu